**<u>Gemeng Rammerich</u>**

# Gemengerotssëtzung vum 21. September 2022

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.
2. Presentatioun (ouni Deliberatioun): Iwwerwaachung vum Energieverbrauch - Energiespuer-Moossnamen.
3. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem PAP betreffend Lännereien zu RAMMERICH-Zentrum, Phas 1.
4. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Devis fir d'Uschafen an d'Opstelle vu Modulargebäier fir d'Opfankstrukture vun der Gemenge als Annexe zum Schoulzentrum zu KIETSCHT.
5. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Zousaz-Devis zum Projet vun der Erneierung vun der Rue du Moulin an der Rue des Champs zu PÄREL.
6. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Projet vun der Erneierung vun der Rue du Moulin an der Rue des Champs zu PÄREL.
7. Deliberatioun iwwer d'Ufro vun engem Zousazkredit am ausseruerdentlech Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Reparatur vum Kulturzentrum vu FOULSCHT.
8. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Uschafe vun neie Waassercompteuren.
9. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ordinäre Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Heizung vun de Gebäier, Brennmaterial.
10. Deliberatioun iwwer d'Demande vun Zousazkrediter am Budget vun den ordinären Ausgaben vun der Gemenge Rammerich fir d'Joer 2022 (Budgetsännerungen 1/2022).
11. Deliberatioun iwwer d'Ëmklasséiere vun 3 Parzellen um HOULTZ an zu RAMMERICH aus der privater Gemengeproprietéit an d'ëffentlech Gemengeproprietéit.
12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun Zousazartikelen an der dräisäiteger Konventioun SEA 2022.

13. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun iwwer de Fonctionnement vum Jugenddéngscht „Réidener Jugendtreff" fir d'Joer 2022.
14. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun 2022 iwwer de Club Senior „Atertdall",
15. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun mat der CREOS iwwer d'Liwwerung vun Elektrizitéit fir de Footballsterrain zu RAMMERICH.
16. Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Gemengereglement iwwer d'Festleeë vun de Bestëmmungen an de Beträg vun de Belounungе vir verdéngschtvoll Persounen a Veräiner.
17. Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Taxereglement fir de Verkafspräis vun de Billjee'en fir de Busdéngscht „Nightrider" ze benotzen.
18. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Grondsteier fir d'Joer 2023.
19. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2023.
20. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.
21. Deliberatioun iwwer eng Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement.
22. Deliberatioun iwwer d'Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden.
23. Ofrechnung: topographesch Erfaasse vum Drénkwaasser- a Kanalisatiounsreseau.
24. Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vun der Waasserleitung.
25. Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vun der Kanalisatioun.
26. Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vum Fuerbelag.
27. Deliberatioun iwwer Recettendeklaratioune vun der Gemeng.
28. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.
29. GESCHLOSSE SËTZUNG: Bestëmmung vun engem(r) Kandidat(in) op déi fräi Plaz als Gemengenemployé mat enger hallwer Tâche fir d'Administratioun.
30. GESCHLOSSE SËTZUNG: Demissioun vun enger Gemengenemployée.
31. GESCHLOSSE SËTZUNG: Avancement vun engem Gemengebeamten.

## Un der Sëtzung huelen deel:

De Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: Michelle Brickler (DP), Romain Rausch (DP)

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) entschëllegt déi zwee DP-Conseiller'en an deelt mat, datt déi nächst Gemengerotssëtzungen den 3. November an de 15. Dezember sinn.

## 1 Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

Zwou Demande fir d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle leie fir: Zu Rammerich an der Haaptstrooss op den Nummere 14 a 16 soll deen Terrain vun 11,15 Ar opgedeelt ginn op 5 Parzelle fir do kënnen zwee Appartementshaiser mat 5 resp. 6 Wunnengen ze bauen. Zu Ueschdref an der Rue du Lac gëtt den Terrain vun engem eeleren Haus mat Gaart op 7 Parzellen opgedeelt.

Heimat ass de Gemengerot eestëmmeg averstanen.

## 2 Presentatioun (ouni Deliberatioun): Iwwerwaachung vum Energieverbrauch - Energiespuer-Moossnamen.

D'Membere vum Gemengerot huele Kenntnis vun enger Circulaire vu véier Ministeren, déi domat d'Gemengeverwaltungen a -syndikater drop opmierksam maachen, datt si engersäits solle spuersam mat der Energie ëmgoen, anerersäits gi si eng Rëtsch Virschléi, op wéi eng Aart a Weis een ënner anerem an de Gemenge kann Energie aspueren a si weisen an engems op d'Méiglechkeet vu staatleche Bäihëllefe fir Privatleit hin, grad ewéi och op déi national Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne.

De Schäfferot huet de Gemengeservice ugewisen, fir nozekucke wat an der Gemeng méiglech ass. Dem Rapport vum Gemengentechniker Paul MAJERUS no sinn d'Stroosseluuchten zum Deel vun de "Ponts & Chaussées", déi vun der Gemeng gi vun 23 bis 5 Auer erofgesat, mee aus Sécherheetsgrënn net ganz ausgemaach. D'Aussebeliichtung vun de

Monumenter, Kierchen a Kapellen gëtt ganz ausgeschalt, an um Schoulsite all zweet Luucht ausgemaach. Am Gemengenhaus ginn d'Luuchten nuets bannen a baussen ausgeschalt, nëmmen d'Plaz bleift beliicht.

D'Chrëschtbeliichtung gëtt zu Rammerich nëmmen un de Luuchtepotto'en ubruecht an no 22 Auer ausgemaach an an den Dierfer nëmmen e puer Stonnen ugelooss.

D'Veräiner kréie geschriwwe fir all Stroumverbraucher auszeschalten, d'Temperatur vun de Frigoen eropzesetzen, d'Luuchten um Fussballterrain nëmmen ze notze wa Matcher sin an no Méiglechkeet Matcher ze verleeën.

An den ëffentleche Gebaier gëtt d'Temperatur souwuel daagsiwwer wéi och nuets zwee Grad méi déif agestallt, dat heescht daagsiwwer 20 Grad an de Gemengegebaier. An der Schwemm kann d'Waassertemperatur nëmmen ëm 1 Grad erofgesat gin well dee grousse Baseng direkt matt deem fir déi kleng Kanner verbonnen ass.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) erënnert drun, och d'Veräiner an d'Awunner ze sensibiliséieren, an d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) weist op d'Noutwendegkeet hin, d'Leit op all méiglech Hëllefen hinzeweisen, well vill Leit net wéissten, wou si wat gehollef kéinte kréien.

Dozou weist de Gemengesekretär Marc Pletgen op e Flyer vum Staat hin.

## 3 Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem PAP betreffend Lännereien zu RAMMERICH-Zentrum, Phas 1.

Dësen Eenzel-Bebauungsprojet am Zentrum vu Rammerich gesäit op enger Surface vun 32,5 Ar d'Schafe vu 7 Bauterrain'en fir insgesamt 7 Wunnhaiser fir. Et sin dëst een eenzelt Wunnhaus, zwee Haiser, déi mat de Garagen unenee gebaut sinn an zwee Duebelhaiser. 25,78% vum Terrain ginn un d'Gemeng Rammerich ofgetrueden.

De Gemengentechniker Romain Paquet stellt de Projet am Detail fir, an d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) hätt sech bei de geliwwerten Ënnerlagen och e Plang vum Site gewënscht.

De Projet gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 4 Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Devis fir d'Uschafen an d'Opstelle vu Modulargebäier fir d'Opfankstrukture vun der Gemeng als Annexe zum Schoulzentrum zu KIETSCHT.

Fir genuch Plaz ze hu fir d'Opfankstrukture vun der Gemeng wëll de Schäfferot Modulargebaier niewent dem Schoulzentrum zu Kietscht opstelle loossen. D'Gesamtkäschten heifir chiffréiere sech op 1.598.942 €. Dovu sin 1.153.900 € fir déi 11 Okkasiounsmoduler mat enger Gesamtlängt vun 33,34 m, enger Breet vun 13,24 m an enger Héicht vun 3,61 m. Dobäi

komme Käschte fir eng metalle Fassad (24.840 €), de Feieralarm (65.245 €), eng Bëtongsdall (52.632 €), Transport, Montage a Verschiddenes (70.000 €) an d'TVA 232.324 €.

Hei weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt am Ufank gemengt gi wier, et wiere genuch Schoulsäll do, mee du sinn awer dräi Säll méi gebraucht ginn, sou datt ee séier no enger Léisung huet misse sichen. Well vill an der Gemeng gebaut gëtt, wat vill jonk Famillje mat Kanner bedeit, wollt de Schäfferot fir eng Iwwergangszäit modulare Schoulraum lounen, mee well de Loyer fir dräi Joer (1,3 Mio. €) nëmme liicht méi niddreg war wéi d'Kafen (1,6 Mio. €) ass proposéiert ginn fir ze kafen, sou datt een net  un déi dräi Joer gebonnen ass an als Propriétaire entweder  dat ganzt weiderverkafen oder weider selwer notze kann. Och gëtt dee ganze Kafpräis eréischt am nächste Budget fälleg.

Well dëst Modulargebai exklusiv fir d'Maison Relais ass, weist d'Schäffin Myriam Binck (CSV) drop hin, datt et och Enkpäss an der Crèche ginn, woufir schonn ee Sall hei mat der Maison Relais getosch ginn ass.

Och ginn aktuell nëmme Kanner an der Maison Relais opgeholl, wann d'Eltere schaffen, trotzdeem besti Waardelëschten.

Déi ganz Anlag soll bis den 1. Dezember bezuchsfäerdeg sin an de Projet gëtt eestëmmeg ugeholl.

# 5 Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Zousaz-Devis zum Projet vun der Erneierung vun der Rue du Moulin an der Rue des Champs zu PÄREL.

Wéinst Upassungen um initiale Projet an der Erweiderung vun den Aarbechten an der Rue du Moulin an an der Rue des Champs zu Pärel sollt dëse Projet insgesamt 603.421,78 € méi deier gi wéi virgesinn.

An Tëschenzäit, sou de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), ass e weideren Zousazdevis erakomm, zu dem de Gemengentechniker Romain Paquet Detailer explizéiert.

Déi zwee Zousaz-Devise mat insgesamt bal 850.000,00 € ginn eestëmmeg ugeholl.

# 6 Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Projet vun der Erneierung vun der Rue du Moulin an der Rue des Champs zu PÄREL.

Fir déi supplementar Aarbechten an der Rue du Moulin an an der Rue des Champs zu Pärel ze finanzéieren, ass en Zousazkredit vun 850.000 € am Gemengebudget noutwendeg. Déi néideg Mëttel gi beim Kredit fir d'Erhéijung vum Kapital vum Wandpark Réiden ofgezunn.

Och domat ass de Gemengerot eestëmmeg d’Accord.

## 7 Deliberatioun iwwer d’Ufro vun engem Zousazkredit am ausseruerdentlech Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Reparatur vum Kulturzentrum vu FOULSCHT.

Fir verschidden Aarbechte am Kulturzentrum vu Foulscht kënnen ze finanzéieren, feele bei dem Budgetsartikel insgesamt 148.733,62 €, woufir de Schäfferot en Zousazkredit vun 150.000,00 € ufreet. Déi néideg Mëttel gi mat 75.000,00 € beim Kredit fir d’Erhéijung vum Kapital vum Wandpark Réiden a mat 75.000,00 € beim Kredit vun de Bëschweeër ofgezunn.

All Conseiller’en sinn derfir.

## 8 Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Uschafe vun neie Wassercompteuren.

Well de Montant vum Kredit fir d’Uschafe vun neie Wassercompteuren net duergeet fir d’Rechnunge fir insgesamt 250 Compteuren ze bezuelen, déi op Distanz elektronesch kënnen ofgelies ginn, freet de Schäfferot eng Erhéijung vum Budgetsposte vu 25.000 €. Déi néideg Mëttel gi beim Kredit fir d’Fernwärmenetz ofgezunn.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt no an no d’ganz Gemeng mat dësem neie System vu Compteure soll equipéiert ginn.

Den Zousazkredit gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 9 Deliberatioun iwwer d’Demande vun engem Zousazkredit am ordinäre Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Heizung vun de Gebaier, Brennmaterial.

Wéinst der Hausse vum Mazout ginn d’Kreditter, déi virgesi ware fir d’Heize vun de Gemengegebaier net méi duer a mussen erhéicht ginn. Sou gëtt d’Heize vun de Schoulgebaier 55.373,00 € méi deier, bei der Schwämm gëtt et 50.000,00 € méi deier, bei de Kulturzentren 22.084,00 € a bei de verlounte Gebaier 47.087,00 € méi. Duerfir proposéiert de Schäfferot en Zousazkredit vun insgesamt 150.000,00 €, dee vum Gesamtboni (aktuell 165.279,45 €) ofgezu gëtt.

Wéi de Buergermeeschter festhält, ass net iwwerall de volle Montant agesat ginn, well een dovun ausgeet, dass jo och Energie muss agespuert ginn.

Och dësen Zousazkredit gëtt vun all Conseiller ugeholl.

## 10 Deliberatioun iwwer d'Demande vun Zousazkrediter am Budget vun den ordinären Ausgabe vun der Gemenge Rammerich fir d'Joer 2022 (Budgetsännerungen 1/2022).

Aus der Tabell mat de Budgetsännerunge bis zum 14. September geet ervir, datt op verschiddene Budgetsartikele méi héich Depense vu ronn 132.000,00€ wäerten ufaalen, déi engersäits kompenséiert ginn duerch zousätzlech Recetten, anerersäits duerch manner Depensen op aaneren Artikelen, daat am Total vun 132.000 € sou datt de Budget ausgeglach bleift.

D’Tabell gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 11 Deliberatioun iwwer d’Ëmklasséiere vun 3 Parzellen um HOULTZ an zu RAMMERICH aus der privater Gemengeproprietéit an d'ëffentlech Gemengeproprietéit.

Hei dréint et sech ëm zwou Parzellen am Millewee um Houltz, déi direkt virun engem Haus leien, wou d’Gemeng den Terrain net brauch, respektiv ëm een Terrain zu Schwiedelbrouch, deen un en Haus ustéisst an deen de Propriétaire kafe well. Mee éier e Verkaf méiglech ass, muss deen Terrain ëmklasséiert ginn.

Domat sinn all Conseilleren d’Accord.

## 12 Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun Zousazartikelen an der dräisäiteger Konventioun SEA 2022.

Wéinst engem Feeler an der Original-Konventioun 2022, besonnesch wat d’Aarbecht Samschdes a Sonndes ugeet (RTT), proposéiert den Edukatiounsministère Avenanten zu den Tripartite-Konventiounen 2022 fir d’Kannerbetreiungsstrukturen vun der Gemeng entspriechend ze korrigéieren. Déi Avenante ginn eestëmmeg ugeholl.

## 13 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun iwwer de Fonctionnement vum Jugenddéngscht „Réidener Jugendtreff“ fir d'Joer 2022.

D’Konventioun tëschent dem Erzéiungsministère an de Gemenge Biekerech, Ell, Groussbus, Rammerich, Réiden, Préizerdaul, Useldeng a Wal iwwer de Jugenddéngscht “Réidener Jugendtreff” fir d’Joer 2022 gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 14 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun 2022 iwwer de Club Senior „Atertdall“,

D’Konventioun 2022 iwwer de Club Senior “Atertdall”, déi all Joer erneiert gëtt tëschent dem Familljeministère, der Associatioun “Doheem versuergt” an de Gemenge Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Rammerich, Réiden/Atert, Säll, Useldeng, Viichten a Wal, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 15 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun mat der CREOS iwwer d'Liwwerung vun Elektrizitéit fir de Footballsterrain zu RAMMERICH.

An enger Konventioun tëschent der CREOS an der Gemeng Rammerich gëtt festgehale, mat wéi enger Leeschtung an zu wéi engem Präis CREOS d’Elektrizitéit op de Footballsterrain zu Rammerich liwwert.

Och des Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 16 Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Gemengereglement iwwer d'Festleeë vun de Bestëmmungen an de Beträg vun de Beloununge fir verdéngschtvoll Persounen a Veräiner.

Op Propositioun vun der LSAP an der Conseilssëtzung vum 15. Juli 2022 soll d’Gemengereglement iwwer d’Festleeë vun de Bestëmmungen an de Beträg vun de Beloununge fir verdéngschtvoll Persounen an Veräiner an deem Sënn ëmgeännert ginn, datt als verdéngschtvoll Schüler och déijéineg unerkannt ginn, déi en Technikerdiplom (DT), Beruffsdiplom (DAP an CCP) resp. hir Meeschterprüfung ofgeschloss hunn.

Hei ass d’Diskussioun drëm gaang, datt op däer enger Säit déijéineg, déi an en Handwierksberuff ginn, och sollen unerkannt ginn, well dëst wichteg fir d’Economie an d’Betriber ass, woubäi de Meeschterdiplom net zur Diskussioun stung, mee d’Fro gestallt gin ass, op een en DT, DAP oder CCP an der Bewäertung mat engem Premières-Diplom gläichstelle kann, woubäi d’Conseillère Myriam Picard (LSAP) drop hiweist, datt hei d’Universitären nach net berécksiichtegt gi sinn.

No längerer Diskussioun vun Detailfroe schléit de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) vir, heiriwwer den 20. Oktober um 19.30 Auer eng Aarbechts-Sëtzung anzeruffen, sou datt iwer dëse Punkt nitt afgestëmmt gëtt.

## 17 Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Taxereglement fir de Verkafspräis vun de Billjee'en fir de Busdéngscht „Nightrider“ ze benotzen.

Wéinst dem aktuelle Präis vun der "NightCard" fir Leit bis 26 Joer vun 35 € a vu 65 € fir Leit vu méi wéi 26 Joer proposéiert de Schäfferot, fir de Präis vun der "NightCard" bis 26 Joer op 25 € an dee vun der "NightCard" iwwer 26 Joer op 50 € festzeleeën.

Domat si se all d'Accord.

## 18 Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Grondsteier fir d'Joer 2023.

De Schäfferot proposéiert, fir d'Grondsteier A (landwirtschaftlech Betriber) grad ewéi och d'Grondsteier B (Privatleit) onverännert bei 400% ze loossen.

Dësen Taux gëtt géint d'Stëmme vun den dräi LSAP-Conseilleren ugeholl.

## 19 Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2023.

Den Taux fir d'Gewerbesteier bleift eestëmmeg bei 280%.

## 20 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.

Verschidden zäitlech begrenzten dréngend Verkéiersreglementer ginn nodréiglech eestëmmeg vum Gemengerot approuvéiert.

Et sinn dëst eng Spärung vun der Haaptstrooss zu Hueschtert vum 28. Juli bis 30. September ab dem Haus Nr. 6 bis bei d'Rue de Lannen; weider eng Spärung vun der Rue Principale um Houltz tëschent dem Haus Nr. 33 an der Kräizung mam CR312 vum 12. September bis d'Aarbechte fäerdeg sinn.

## 21 Deliberatioun iwwer eng Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement.

Dat allgemengt Verkéiersreglement gëtt eestëmmeg an deem Sënn geännert, datt zu Foulscht op 40, rue Principale, rout Luuchte bei d'Foussgängersträife beim Centre Culturel kommen.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt hei eng mobil Anlage provisoresch agesat gëtt, bis déi definitiv Anlag duerch d'Instanzen ass.

## 22 Deliberatioun iwwer d'Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden.

Op Ufro kritt de Sporting Club Ell fir d'Organisatioun vun der 22. Coupe de la Vallée de l'Attert mat de Stëmme vun alle Conseilleren en ausseruerdentleche Subsid vun 250 €.

## 23 Ofrechnung: topographesch Erfaasse vum Drénkwaasser- a Kanalisatiounsreseau.

D'Rechnunge fir d'topographesch Erfaasse vum Drénkwaasser- a Kanalisatiounsreseau belafe sech op 603.627,97 €. Dësen Décompte gëtt eestëmmeg acceptéiert.

## 24 Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vun der Waasserleitung.

D'Käschte fir d'Erneiere vun der Waasserleitung an der Rue des Champs um Houltz belafe sech op 27.313,65 € an d'Ofrechnung gëtt approuvéiert.

## 25 Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vun der Kanalisatioun.

D'Rechnunge fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun an der Rue des Champs um Houltz kaschten 75.000,00 € a ginn eestëmmig ugeholl.

## 26 Ofrechnung: HOULTZ, Rue des Champs: Erneierung vum Fuerbelag.

D'Ofrechnung fir d'Erneierung vum Fuerbelag an der Rue des Champs um Houltz beziffert sech op 70.444,26 €.

Och dës Ofrechnung gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 27 Deliberatioun iwwer Recettendeklaratioune vun der Gemeng.

Eng Rei Recettenendeklaratioune vun der Gemeng ginn ouni Diskussioun ënnerschriwwen.

## 28 Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

D'LSAP-Conseiller'en Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller hunn eng Rëtsch schrëftlech Froen un de Schäfferot geriicht:

Op hir Fro, wien sech elo ëm d'Kontroll vun den Hydrante këmmert, kréie si gesot, datt dëst an d'Zoustännegkeet vun de Gemengenaarbechter fält an an deenen hire Programm opgeholl gëtt.

Gréisser Diskussioune gouf et ëm eng Konventioun, mat där den FC Perlé d'exklusiv Nëtzungsrecht vun zwou Garage krut, déi virdru vun der Pompjees-Amicale Pärel/Wolwen genotzt gi sin. Dëst nodeems den FC un d'Gemeng erugetrueden ass, fir Raimlechkeeten ze kréie fir d'Iwwergangszäit bis hir Buvette fäerdeg ass, sou datt dës Raimlechkeeten an engem Joer nees fräi gin. Dorop sollt d'Amicale sech mam FC eens ginn iwwer d'béidsäitegt Benotzen, wat awer net reusséiert ass.

D'LSAP-Conseillere reege sech virun allem iwwer d'Aart a Weis op, wéi des Konventioun zustane komm ass an datt d'Leit vum FC net mat sech schwätze loossen.

De Buergermeeschter proposéiert fir der Amicale Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen, wa si der bräichten, mee de Conseiller Patrick Schuller (LSAP) ass der Meenung, datt et keen adequaten Ersatz fir dës Raimlechkeete gëtt.

No der Schoulrentrée wëllen d'LSAP-Conseillere wëssen, wéi vill Kanner an der Crèche betreit ginn (16), wéi vill Kanner am Precoce-Alter ugeschriwwe gi sinn (59) a wéi vill ageschriwwe gi sinn (23, woubäi 13 sech nët gemellt hunn). An deem Kontext weist d'Schäffin Myriam Binck (CSV) op den aktuelle landesweite Mangel u Personal fir d'Crèchen hin, woubäi d'Kannerzuelen zouhuelen.

D'Fro nom Anzeechne vu Stellplazen op dem Parking hannert der fréierer Schoul zu Ueschdrëf wëll de Schäfferot d'Situatioun iwwerpréiwen an d'Opstelle vun engem Recycling-Drecksbac vun der Valorlux op der Busgare zu Rammerech fanne si eng gutt Iddi.

Zum "Passage mitoyen" tëschent dem Haus Neuberg an dem fréieren Haus Hoffmann deelt de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) mat, datt et sech hei net em e "Passage mitoyen" handelt, mee ëm eng Kopropriétéit vun zwou Parteie wou nach kee Prononcé vum Geriicht do ass.

D'LSAP-Conseiller'e froen, wéini d'Dieren um ale Pompjeesbau op der Arelerstrooss zu Pärel kéinten ersat ginn, wourop de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) matdeelt, datt hei schonns en Devis ugefrot ass, deen an den nächste Budget agedroe gëtt.

Mat dem Verleeë vun den Drécksbacken um Kierfecht zu Pärel ass de Schäfferot d'Accord, wougéint Aarbechten zu Kietscht a Richtung Riesenhaff net an der Responsabilitéit vun der Gemeng, mee vun der CREOS leien.

Da froen d'Conseillere firwat d'Schwämm bis op Weideres fir de Public zou ass, wourop de Buergermeeschter matdeelt, datt den Abléck kee Schwammmeeschter fir déi Zäit disponibel ass.

## 29 GESCHLOSSE SËTZUNG: Bestëmmung vun engem(r) Kandidat(in) op déi fräi Plaz als Gemengenemployé mat enger hallwer Tâche fir d'Administratioun.

An enger net ëffentlecher Sëtzung bestëmmen d'Conseiller'en e(ng) Kandidat(in) fir déi fräi Plaz als Gemengenemployé(e) an der Administratioun.

## 30 GESCHLOSSE SËTZUNG: Demissioun vun enger Gemengenemployée.

Weider an der net ëffentlecher Sëtzung befaasse si sech mat der Demissioun vun enger Gemengenemployée

## 31 GESCHLOSSE SËTZUNG: Avancement vun engem Gemengebeamten.

Iwwer den Avancement vun engem Gemengebeamten diskutéiert de Conseil an enger net ëffentlecher Sëtzung.